# Réunion CdJ 17.3.2025

Présents: Engels Romain, Suzie Godart, Guy Kruchten, Claude Magar, Marco Schmit, Marco Schmitz, Serge Raach

Excusés: Lex Schroeder, Dan Wiseler

Assiste: Richard Spautz, représentant CA

1) **Rapport vum 17.2.2025:**

De Rapport vum 17te Februar gët ugehuel a kann online gesat gin. Et gët allerdéngs eng Remarque dra gesat, dat den Dan Wiseler Bedenken aüssert, wat d'Auerzäite fir d'Epreuves Jeunes ugeet.

2) **AG FSCL:**

De Rapport wou d'Suzie an de Romain virbereet hun, gët esou ugehuel, just bei den Delegéierten op de Course mussen nach e puer Upassunge gemat gin. D'Suzie schéckt de Rapport direkt un de Florian fir Publikatioun.

3) **COSL Spillfest:**

De Frank Schleck huet beim Suzie nogefrot fir d'Hëllef vun der Kommissioun beim COSL Spillfest. D'Halschent vun de Memberen as zu deem Zeitpunkt allerdings nët disponibel, an ët dierf och op kee Fall esou sin, dat déi Let déi dann disponibel sin, de ganzen Dag non-stop um Dill musse sin, ouni Zäit fir Iessen asw. Et wier eng besser Reklam fir eise Sport, wann do och e puer Jonker präsent wären.
D'Suzie freet esou séier wéi méiglech eng Entrevue mat dem Frank fir doriwer ze décidéieren.

4) **Excel-Fichier fir d'Resultater vun den Epreuven an d'Generalklassement:**

De Guy Kruchten an de Steve Urban hun d'Virlag färdeg, allerdéngs besteet en Hick tëscht Mac a Windows. Duefir mandatéiert d' Kommissioun déi zwee, fir mat dem Florian Salzinger vun der Federatioun zesummen ze kucken eventuell iwwert Google-sheets ze fueren an daat definitiv ze finaliséieren.
Fir déi éischt Course am Atertdall kuckt de Steve fir e Provisorium.
Op der nächster Versammlung kennt dëse Punkt nach emol op den OdJ.

5) **<u>Reglementsännerung betreff Auslandstarten:</u>**

Dëse Punkt gët an eiser nächster Sitzung nach emol beschwat an eng Richtlinn festgeluecht, déi dann op dem Site vun der FSCL publiziert gët. Idem fir d'Startzäiten.

6) **<u>Kaderplacken an Delegierten op den Epreuven:</u>**

De Richard Spautz huet mat dem Sekretariat vun der Federatioun gekuckt fir d'Startnummeren ze verdeelen, eng Lëscht vun de Lizenzen opzestellen (bis zum Datum vun haut 127, doven 23 Meedercher an 104 Jongen). Hie bréngt d'Kaderplacken och mat op déi éischt Course an den Atertdall. Sollt de Lex Schroeder e Samstag nach krank sin, ersetzt de Richard hien.

**7) <u>Suite Saarland:</u>**

De Marco Schmitz as a Kontakt mat de Leit vu Perl a kuckt zesumme mat der Federatioun fir d'Integration vun de Resultater asw. an den "Kichechef-Trophy". De Marco rappeléiert nach emol druk, dat d'Saarlandvertrieder eis ugebueden hun och lëtzebuerger Kanner mat op hir Trainingen ze invitéieren fir gemeinsam de MTB ze forceren. D'FSCL soll daat och konkret un d'Veräiner matdeelen, de Marco bleiwt drun.

**8) <u>Divers:</u>**

D'Kleedung as op Nofro vum Suzie bei der FSCL nach immer nët disponibel. Fir déi éischt Course kann den Delegierten eng Jacquette vun der FSCL geleint kréien.

De Romain Engels rappeléiert, dat d'Kommunikatioun vu Säiten der Federation miss verbessert gin, bei Initiativen wéi Training mam Jempy Drucker (Geschécklechkeet Minimes a Cadets) an esou weider, wier ët wichteg informéiert ze sin, zumol ët geplant as, dës Kategorien am Offroad-Beräich bei de Jeunes ze integréieren.

De Richard Spautz schéckt dem Claude Magar deen ale Rapport de Course fir op "Kichechef-Trophy" ze aktualiséieren.

De Marco Schmitz mecht eng Remarque waat d'Accidenter op Training ubelaangt, ët wier nët schlecht, wann d'CNS-Nummer vun all Kand bei der Lizenz bekannt wier, daat géif villes erliichteren. Daatselwecht géif och d'Klassementer fir Non-Licenciés an eiser Database erliichteren, allerdéngs krite mir Problemer mam Dateschutz.

De Fall “Trainingsaccident” an administrativ Demarchen soll onbedéngt a Couren ewéi Kids Coach, Trainer a Jury behandelt ginn.
Daatselwecht gëlt och fir d’Powerpoint “Organisation Course Jeunes” déi mir fir d’Versammlung mat de Veräiner haten.

Déi nächst Versammlung ass de **22 Abrëll** um **19h15** um **Boy Konen**.